N°1623
Entrée le 04.12.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 04.12.2024

LSAP

Här Claude Wiseler
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 4. Dezember 2024

Här President,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend weiderzeleeden.

An ëmmer méi Zeitungen an op hire respektive Websäiten fënnt een Artikelen, déi mat de Wierder “sponsored content” oder “Advertorial” gekennzeechent sinn. Heibäi handelt et sech ëm Artikelen, déi net vun der Zeitungsredaktioun geschriwwe goufen, mee vun externen Auteuren, déi fir hier Publikatioun bezuelt hunn. Et si Reklammen an der Form vun engem geschriwwenen Artikel.

Rezent schengt och de Bildungsministère op des Form vu bezueltem Contenue zeréck gegraff ze hunn, fir dem Public d’Offer vun den internationale Schoulen an de lëtzebuerger Bildungssystem méi no ze bréngen. Advertorials a méi generell gesponsert Contenue kënnen der Politik eng Méiglechkeet bidden, fir Informatioune mat engem breede Public ze deelen, mee si kënnen d’ëffentlech Meenungsbildung och negativ beaflossen, wann d’Lieser:innen d’Kennzeechnung als Reklamm iwwersinn an déi gesponsert Contenue fir objektiv journalistesch Artikelen halen.

An deem Kontext géinge mir dem Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend gäre follgend Froe stellen:

- Vu wiem goufen d’Advertorials zum Thema Bildung vum 15.10.2024 aus dem *Luxemburger Wort* an Optrag ginn? Wéi vill gouf fir dës Reklamme bezuelt?
- Wéi oft huet de Ministère fir Bildung, Kanner a Jugend oder eng Administration de l'État aus dem Beräich Bildung, Kanner a Jugend (esou wéi z. B. d’Maison de l’orientation) an de leschte 5 Joer op Advertorials oder gesponsert Contenuen an de Medien zeréck gegraff fir d’Diffusioun vu Messagen?
- Wéi eng Form hunn d’Contenue jeeweils gehat (Video, geschriwwenen Artikel, etc.) a wéi ee Sujet gouf jeeweils traitéiert?
- Wéi vill Suen goufen de jeeweilege Medienhaiser fir dës Reklamme pro Joer bezuelt?

Mat déiwem Respekt,

Ben Polidori

Deputéierten

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 1623 vum honorabelen Deputéierte Ben Polidori**

D'*Advertorials* zum Thema Bildung, déi de 25.10.2024 am *Lëtzebuerger Wort* publizéiert gi sinn, goufen net vum Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend (MENJE) an Optrag ginn. Op Nofro bei der Regie vum *Lëtzebuerger Wort* krut de Service presse et communication vum MENJE d'Informatioun, datt de redaktionelle Contenu vun den Artikelen „*Les écoles internationales au Luxembourg*" an „*Das Luxemburger Bildungssystem*", op déi sech den honorabelen Deputéierte bezitt, op Eegeninitiativ vun der fir d'*Advertorials* zoustänneger Ekipp vun der Regie vum *Lëtzebuerger Wort* selwer redigéiert ginn ass. Weder de MENJE nach déi an den Artikelen ernimmte Schoulen hunn dofir bezuelt.

Eenzeg an eleng d'Annonce „*Fir eng gesond Screen-Life-Balance vun eise Kanner*" ass vum MENJE an de betreffenden *Dossier spécial éducation* vum *Lëtzebuerger Wort* placéiert a finanzéiert ginn. Dobäi handelt et sech awer net ëm e redaktionelle Contenu am Sënn vun engem *Advertorial*, mee ëm eng Affiche, déi de MENJE am Kader vu senger Sensibiliséierunsgcampagne ronderëm d'Bildschiermzäit publizéiere gelooss huet.

D'Servicer an Administratioune vum MENJE gräifen net op déi vum honorabelen Deputéierte beschriwwe Form vu Reklammen zeréck.

Lëtzebuerg, de 17. Januar 2025

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH